

Lëtzebuerg, den 16. November 2016

## MOTIOUN

D'Chamber :

An déiwer Suerg iwwer d'Entwécklungen an der Tierkei, besonnesch zënter den Evenementer vum 15. an dem 16. Juli 2016;

Besonnesch schockéiert iwwer déi massiv a gravéierend Mënscherechtsverletzungen, déi an deem Land an ëmmer méi grousser Zuel geschéien, d'Verfolgung vun der politescher Oppositoun an d'Aschränkung vum der Fräiheet vun der Press;

Riff an Erënnung, datt d'Tierkei un d'Anhale vun enger ganzer Rei vun internationale Verpflichtunge am Beräich vun de Mënscherechter gebonnen ass, besonnesch och am Kader vun de Vereenten Natiounen an dem Europarat, an datt si vill dovun net méi respektéiert;

Stellt fest, datt d'Tierkei d'Kopenhagener Kritären, déi d'Basis fir en eventuelle Bäitritt an d'Europäesch Unioun duerstellen, net erfëllt, well si keng stabel Institutiounen méi huet, déi de Rechtsstaat, d'Demokratie, d'Mënscherechter an de Schutz vun de nationale Minoritéiten op eng glafwierdeg Manéier kéinte garantéieren;

Erënnert drun, datt d'Tierkei deen nördlechen Deel vun der Republik Zypern zënter 1974 a Violatioun vum internationalen, ëffentleche Recht militäresch occupéiert an datt si, ënner anerem, hir Obligatiounen géintiwwer der Republik Zypern am Bezuch op EU-Recht nach ëmmer net anhält;

Ass besuergt iwwer eng Rei vun Aktiounen an Deklaratiounen, déi drop hindeiten, datt d'Tierkei déi territorial Integritéit vun hire Nopeschstaaten, dorënner besonnesch dem Irak, Syrien a Griicheland net méi wëll respektéieren;

Am Wëssen ëm déi Kritiken, déi a leschter Zäit vun enger Rei vun internationalen Organisatiounen an Net-Regierungs-Organisatiounen géint d'Tierkei virbruecht goufen, dorënner och déi aus dem leschte Fortschrëttsrapport vun der Europäescher Kommissioun iwwer d'Bäitrittsverhandlung mat der Tierkei;

### **Fuerdert d'Regierung op:**

- Ëmmer op eng glafwierdeg Manéier fir de Respekt an d'Anhale vun den europäesche Wäerter anzestoen, och am Kader vun de Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an der Tierkei;
- Géintwuer der Tierkei op d'Anhale vun de Mënscherechter, de Schutz vun de Minoritéiten, besonnesch och vun de Kurden, an der Rechtsstaatlechkeet ze bestoen;
- Besonnesch och drop ze halen, datt d'Demokratie an d'Fräiheet vun der Press nees hirgestallt a respektéiert ginn, d'Rechter vun der Oppositoun nees a vollem Ëmfank respektéiert ginn an d'Justiz nees onofhängeg ka fonctionnéieren;
- Vun der Tierkei ze verlaangen, datt si endlech den Genozid un den Armenier an aneren aus der Zäit vum 1. Weltkrich unerkennt;
- An der NATO an an der EU d'Sécherheet an déi territorial Integritéit vu Griicheland ze thematiséieren;
- An der UNO op déi territorial Integritéit vum Irak a vu Syrien ze insistéieren an an dem Sënn den UNO-Sécherheetsrot ze invitéieren, d'Aktiounen vun der Tierkei ze iwwerwaachen;
- All Initiativen am Kader vun der UNO aktiv ze ënnerstëtzen, déi eng friddlech Léisung vum Zypern-Konflikt favoriséieren;
- An den EU-Gremien dofir anzutrieden, datt d'Bäitrittsverhandlung vum der Tierkei mat der EU ofgebrach ginn;
- Dorop hinzewierken, datt d'Tierkei kann e wichtege politeschen an ekonomesche Partner vu Lëtzebuerg an der EU am Kader vun enger enker Partnerschaft sinn, wann d'Conditionen dofir erfëllt sinn;
- Op d'Aféierung vun enger Visafräiheet fir d'Tierkei ze verzichten;
- Eng aner Migratiounspolitik ze bedreiwen, fir datt d'EU an dem Kontext net weider an engem Ofhängegkeetsverhältnis zu der Tierkei steet.